



N° 7367  
Entrée le 13.12.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 13.12.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 13/12/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Justiz weiderzeleeden.**

Et gi leider Situatiounen, an deenen e Kand aus senger Famill muss geholl ginn an zu sengem eegene Schutz an engem Foyer oder an enger Fleegefamill placéiert gëtt. Dobäi soll et sech an enger éischerter Instanz ëm e sougenannte Placement provisoire, also ëm ee provisoreschen an zäitlech begrenzte Placement, handelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat ass d'Durée moyenne vun de Placements provisoires an deene leschten 12 Joer gewiescht?
2. Wat ass d'Durée médiane vun esou Placements provisoires an deene leschten 12 Joer gewiescht?
3. Wat war zënter 2010 déi bis elo längsten Zäit vun engem Placement provisoire?
4. Wéi hunn dës Zuelen zënter 2010 evoluéiert a wéi ass dës Evolutioun ze erklären?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten





**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Justizministesch, Sam TANSON, an dem  
Här Minister fir Education, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op  
d'parlamentaresch Fro Nr. 7367 vum 13. Dezember 2022 vum honorabelen  
Deputéierte Sven CLEMENT iwwert d'Dauer vu Placements provisoires**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, dës Duréen auszerechnen.

Aus deem Grond ass et och net méiglech déi längsten Zäit vun engem Placement provisoire unzeginn.

Et sief awer betount, dass d'Justizautoritéiten de Prinzip applizéieren, dass e Placement eng exceptionnel Moosnam ass an, dass d'Réintegratioun vum Kand a séng Famill esou fréi wéi méiglech soll stattfannen. Esou gi Placementer just als lescht Mëttel applizéiert wa sech déi aner Mesuren als inadéquat oder net adaptéiert erausstellen, a gi regelméisseg réévaluéiert.

Allgemeng kucken d'Autorités judiciaires, dass eng aner Measure no spéitstens engem Joer gesprach gëtt (entweder en définitive Placement oder e Maintien vum Kand a sénger Famill), woubäi e Placement provisoire aus ënnerschiddleche Grënn kann undauern (familiär Situatioun, Verloscht vum Familljenhaus, Hospitalisatioun vun engem vun den Elteren, asw.).

Lëtzebuerg, den 17 Januar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson